N°298
Entrée le 20.01.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës mëndlech Fro un d'Madamm Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

D'Thematik vum Veteranestatut zu Lëtzebuerg ass zanter e puer Joer Géigestand vu politeschen Ukënnegungen a parlamentaresche Froen, ouni datt bis haut e konkrete legale Kader geschaf gouf. An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3004 vum 8. Oktober 2025 huet d'Madamm Verdeedegungsminister drop higewisen, datt bannent der Direktioun fir Defense an der Arméi zwar Iwwerleeungen zur Aféierung vun engem Veteranestatut souwéi zur Unerkennung vu Veteranenorganisatioune lafen, dës awer d'Schafe vun engem legale Kader viraussetzen. An deem Kontext besteet weiderhi Bedarf u Klärung iwwert de konkrete Stand vun den Aarbechten, de politesche Wëllen zur Ëmsetzung an e méiglechen Zäitplang.

Zu dëse Punkte wëll ech d'Madamm Verdeedegungsminister befroen.

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten